N°945
Entrée le 27.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2024
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

*„Ëffentlech-rechtlech Medien an Däitschland beriichten, datt d'Bettwanzen a verschiddene Gebaier nees zu enger Plo gi sinn. Virun 20 Joer ass gemengt ginn, dës Bluttsauger wieren ausgerott ginn. Et fënnt een se net nëmmen a Stied oder Metropolen, ma mëttlerweil och am ländleche Raum. Och wann se keng Krankheeten ze iwwerdroe schéngen, bereeden se besonnesch de Gestionnairen an der Hotellerie an an de Jugendherberge Suergen. Si breeden sech weltwäit aus, virun allem iwwer den Tourismus, Tendenz steigend. A Frankräich wieren 11% vun de Stéit befall. De wirtschaftleche Schued géif sech op ronn 300 Milliounen Euro/Joer belafen an huet och scho fir eng parlamentaresch Debatt gesuergt.*

*Aus deem Grond wollte mer dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Madamm Gesondheetsminister an der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:*

*1. Iwwer wat fir Erkenntnisser verfüügt den Ëmweltministère an deem Zesummenhang? Wéi presentéiert sech d'Situatioun hei am Land?*

*2. Mat wat fir Mëttel respektiv Methode ginn d'Bettwanze bekämpft ? Wat fir Produiten an Instrumenter sinn do zougelooss?*

*3. Ass der Madamm Gesondheetsministesch bekannt, ob et och e Bettwanzeprobleem an eisem Spidolssecteur gëtt?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu